Informatiounsblad: 2018.04
Erschengt 4x d'Joer
www.cercle.lu/ongd/engbreckmat
www.facebook.com/EBMLA

Eng Bréck mat Lateinamerika

*ONG fir Entwécklungshëllef a Mëttel- a Südamerika*
*BIL: LU08 0021 1213 4270 0000*
*CCPL: LU04 1111 0883 0535 0000*
*BCEE: LU85 0019 3755 3516 0000*



*31 Jar Entwécklungshëllef a Südamerika*



2018-04.indd 1 02.12.2018 09:46:23

# Virwuert vum President.

Lo hu mer dat drëtt Joer vun eisem derzäitegen Accord-Cadre bal hannerun eis. Op eiser Rees am Juli-August konnte mer eis vun de Fortschrëtter, déi eis Projekter der vernoléisegter Bevölkerung aus den Andegéigenden bréngen, iwwerzeegen.
Eis nei informatesch Hëllefsmëttel, déi mer am Laf vum Joer agesat haten, sinn amgaang sech ze bewähren an erliichteren eis d'Aarbecht bei der Redaktioun vun de Berichter un de Cooperatiounsminister.
Um Schluss vum Joer, wëll ech nach eng Kéier op ee bestëmmte Punkt agoen, an zwar op **d'Remerciementen**:
fir d'Postfraisen ze drécken, schécke mir nëmme méi eng Kéier am Joer (am Ufank vum näschte Joer) e gemeinsamen Remerciementsziedel mat der totaler Zomm, déi dir eis am Joer virdrun iwwerwisen hudd. Dësen Ziedel kënnt der dann och fir d'Steiererklärung benotze. (Et kann een iwweregens och den Extrait vum Virement fir d'Steiererklärung benotzen).

Wann den Don fir e speziellt Evenement gemaach gouf, dat een Evenement an enger Famill betrëfft, da kritt natierlech déi Famill eng Lëscht mat den Nimm an der iwwerwisener Zomm zougestallt.

Am Numm vun der ONGD " Eng Bréck mat Lateinamerika" soen ech Eech alleguer nach eng Kéier häerzlech **MERCI** fir eer Ënnerstëtzung a wënschen **besënnlech Chrëstdee** an engt **Glécklecht Neit Joer 2019**.





2018-04.indd 2 02.12.2018 09:46:23

# Suite Visite Projete 2018

Wéi am letzte Bulletin ugekënnegt erziele mer eech wéi et an deenen anere Projete vum Accord-Cadre 2016-2020 ausgesäit.

Vun Arequipa se mer no Nordosten, op den Héichplato vun den Anden, op Cusco geflunn, wat den Uursprungsuert vun der Aarbecht vun eiser ONGD ass. Zu Cusco selwer an an der Emgéigend hate mer bis lo déi meeschte Projeten. Momentan schaffe mer nach mat 2 Organisatiounen: IIDA ( Instituto de Investigación y Desarollo  Andino Amazonico) an APU ( Asociación Pueblo Indigena en Acción).

## 1) IIDAA

De Sergio Mora a sengt Meedchen d'Yesenia schaffe mat engem Agrotechniker an den entleeënen Dierfer an den Andendäller 200 km südlech vu Cusco. An dësen Dierfer liewen d'Leit, nach wéi fréier am Mëttelalter bei eis: just vun deem wat se selwer zillen. Well et awer nëmme während 3-4 Méint am Joer (Dezember bis Mäerz) reent an de Rest vum Jar drëschen ass, kënnen se nëmmen an deene 4 Méint séien a planzen. Mat de finanzielle Mëttel vun der EBMLA (Dank dem Cooperatiounsministär an ären Donen) kanaliséiert IIDAA d'Wasser aus de Lagunen an de Baachen, déi vun de Gletscher kommen, a Réier a leet et bis op d'Felder. Dës Felder kënnen da mat Sprenkelanlagen, déi Dank der Gravitéit an de Bierger problemlos funktionnéieren, zu all Zäit vum Joer bewässert ginn, och an deene Méint, an deenen et net reent. Dës Bewässerung erlaabt eng bis zwou weider Rekolten.





2018-04.indd 3 02.12.2018 09:46:24

Op eiser Reess huet dat da su ausgesinn: eng Rei Kilometer trëppelen op stolzen 4000 m Héicht fir bis op déi Plazen ze kommen, wou d'Quelle gefaasst goufen. Begleed goufe mer vum halwen Duerf an natiirlich huet d'Musik ni gefeelt. Da goung et biergof dem Trajet vun de Réier no bis op d'Felder, fir do da vun enger ganzer Rei stolzer Andebewunner hier Felder, hier Bewässerungssystemer an hier Uplanzunge gewisen ze kreien.





Duerch dei besser Bewässerung, kann och bei den Haiser d'ganzt Jar duerch an de d'Familjegäert Geméis fir den Hausgebrauch a fir de Verkaf ugebaut ginn.

Mat de Planze kënnen och Hénger, Mierschwéngercher a Kéi gefiddert a gezillt ginn, déi als proteinräich Nahrung zu engem Wandel an der Ernährung vun dësen Andebewunner bäidroen. Heinsdo kënnen si och souvill Mierschéngercher ziichten, dat si verkafe kënnen; well sou ee Mierschwéngchen ass am Peru eng Delikatess a kënnt bei all Festiessen op den Dësch. Och mir souzen no eisem "Trëppeltour" virun engem Teller mat enger halwer Doze Gromperen an engem Mierschwéngchen.







2018-04.indd 4 02.12.2018 09:46:27

## 2) APU

APU schafft mat senger Équipe vu 6 Leit op 2 Gebidder: Produktioun vu Planzen a Bewässerung an am ländlechen Tourismus.

***a) Landwirtschaft:*** des Projeten sinn eng 100 km nördlich vu Cusco um Plato vu Maras. Dest ass eng drësche Géigend mat wéinege natierleche Waasserreserven. Duerch déi Drëschent ass d'Erosioun duerch de Manktem u Vegetatioun ganz héich. Fir d'Erosioun ze bremsen gëtt versicht rem vill nei Beem ze zillen an op den Terrain ze planzen als Hecken em d'Felder oder als kleng Bëscher op Parzellen, déi ackerbaulesch net kenne genotzt ginn. An enger zentraler Bamschoul an an de Bamschoulen an den Dierfer zillen d'Awunner vum Som aus eenheemesch Bamarten, dorënner och Uebstbeem. D'Uebstbeem liwweren spéider och Friichten, déi der Ernährung déngen awer och verschafft a verkaaft kënne ginn.



*an der Bamschoul*



*Beem um Terrain*

Mir sinn eis dës Bamschoulen op eiser Rees ukucke gaangen a sinn och mat de Leit verschidde Parzelle kucke gaangen, déi si well beplanzt haten. Déi nach virun a puer Joer sou ausgedréchent Géigend ass bësse méi gréng an d'Leit hunn eis vum Wandel erzielt, deen si dank dësen Uplanzunge bemierken: hier Felder se méi geschützt virum Wand an d'Waasser versickert oder verdonst net sou schnell wéi soss. Ënnerwee hate mer ëmmer allerlee Gespréich mat de Leit an och ee Cours iwwert d'richteg Schneide vun den Uebstbeem blouf net aus.

***b) Ruralen Tourismus:*** Mat dësem Projet wëlle mer der indigener Bevölkerung d'Méiglichkeet ginn och vum groussen Touristestroum, deen zu Cusco an an der ganzer Emgéigend bestänneg wiisst, ze profitéieren.

Vill Touristen ginn mam Rucksak um Bockel zu Fouss iwwert déi al Inkaweeër fir déi verschidden Inkasiten ze besichen. Si wëllen awer oft net nëmmen eng Reess an d'Vergaangenheet maachen, mee vill Toursten wëllen och d'Kultur an d'Traditiounen vun den Andebewunner vun haut kenneléieren.





D'Equipp vun APU huet verschiddenen Dierfer, déi op strategisch gudde Punkte leien, erméiglecht hier Haiser sou anzeriichten, dat all Tourist, egal vu wou e kënnt, do iwwernuechte kann. Ausserdem kréien d'Touristen a verschiddenen Aktivitéite gewisen, wéi ee Woll fierft oder een engt typescht Iessen zoubereet. Och mir konnten bei der Preparatioun vun enger "Pachamanca" dobäi sinn, engem traditionellen Iessen, dat op waarme Steng gekacht gëtt.





An engem anere Volet an dësem Tourismusprojet goufen och nei Weeër ageriicht, déi den Touristen et erméiglecht op Natursiten ze kommen, déi



2018-04.indd 6 02.12.2018 09:46:33

spektakulär sënn. Och do goufen d'Leit aus den Dierfer ronderëm dës Routen an och hier Gemengen mat an d'Boot geholl, fir d'Touristen ënnerwee ze begleeden, sief et andeems si de Visiteuren eng Méiglechkeet ginn fir eppes z'iessen respektiv hinnen mam Päerd oder mam Iesel eng Hëllef bereet stellen, fir bis uewen op de Bierg ze kommen. De Site, vun deem hei rieds ass, ass de sougenannte Bierg vun de siwe Faarwen, dee just zu Fouss oder eben um Réck vun engem Déier ze erreechen ass.





Och mir hunn eis op d'Aventure agelooss. Mam Auto koume mer bis op 4700 m. Ennerwee hate mer an enger wonnerschéiner Landschaft eng Herd Alpacae begéint. Awer dunn hu mer eist komfortabelt Gefier misse verloossen an zu Fouss virugoen. Et war wonnerschéin, eng impressionnant Landschaft, mee et war kal an d'Héicht huet et engem net einfach gemaach. Et hat ausserdem nach déi Nuechte virdru geschneit, sou dat vun de siwe Faarwe virun allem eng ze gesi war: déi wäiss. An awer si mer daper viru geklommen, bis op bal 5 000 m, bis d'Otmung net méi sou richteg matgemaach huet a mer d 'Décisioun geholl hunn ëmzedréinen, an déi leschten 150 Héichtemeteren vun ënnen aus ze genéissen. Mee et war eng wonnerschéin Erfarong!

Vu Cusco se mer dunn a Bolivien viru geflunn. Dat war déi eenzeg komplizéiert Rees, déi mer haten, well mer zu La Paz hu missen emsteigen an do de Fliger verpasst hunn, well dee Fliger vu Cusco Verspéidung hat. Du se mer réicht Owes em 9:30 Auer zu Cochabamba geland amplaz em 13:00 Auer!

A Bolivien schaffe mer mat 2 Organisatiounen zesummen: zu Sacaba mat der Pastoral Social Cáritas Sacaba a mat KANCHAY, déi hiere Sëtz zu Cochabamba huet, awer an ofgeleeëne Géigenden an den Ande schaffen.



2018-04.indd 7 02.12.2018 09:46:34

a) **Pastoral Social:** bei hinnen hu mer 2 Projeten, déi allen zwéin mat Fraen an hire Kanner ze doen hunn.
- den een ass e Projet vun engem Fraenhaus, an dat Fraen mat hire Kanner opgeholl ginn, déi ënnert Gewalt am Stod gelidden hunn. Hei hunn d'Fraen ee provisoreschen Ënnerdaach, si kréien psychologesch gehollef an et gëtt versicht hinnen eng Aarbechtsplaz ze fannen, respektiv si kréien eng Formatioun ugebueden. Déi grouss Kanner ginn am Dag an d'Schoul, déi kleng ginn an der hauseegener Crèche versuergt a betreit; si kréien och bei hire Schoulaufgabe gehollef a ginn och soss ënnerstëtzt.





- den 2. Projet gräift an den 1. an : an der "Granja" liewen eng 3 000 Hénger, déi Eeër leeën. Hei schaffen puer vun de Fraen: si fidderen d 'Hénger, hiewen d'Eeër op, botzen se, sortéieren se der Déckt no a verkafen se op engem Stand an der Stad Sacaba. Eng Madame huet eng Formatioun als Veterinärassistentin gemaach a kennt sich well gutt aus an der Héngerzuucht.







2018-04.indd 8 02.12.2018 09:46:38

Dëse Projet leeft am Prinzip dëst Joer aus. Mir hunn awer op der Plaz gesinn, dat e nach muss virugeféiert ginn, well d'Recetten, déi generéiert ginn, nach net duerginn fir d'Ausgaben ze decken. Fir méi onofhängeg ze ginn, plangen se een eegenen Héngerstall ze kafen (den se lo hunn ass nëmme gelount); dofir feelt hinnen awer nach déi néideg Mënz! All Spent ass wëllkomm.

Bei der Visite vun dësen 2 Projeten, hu mir immens ergräifend Momenter erlieft an och mol eng Tréin am Knapplach ass net ausbliwwen. D'Fraen, oder solle mer besser soen, d'Meedercher, well oft haten se mol nach keng 18 Joer, hu well Geschichten hannert sech, déi mir just aus Filmer kennen. A puer ergräifend Momenter hu verschidde Fraen eis hier Geschichten uvertraut: Gewalt, sexuelle Mëssbrauch, ongewollt Schwangerschaften, Prostitutioun an Trennung vun hire Kanner stounge bei dëse Fraen well a jonke Joren op der Dagesuerdnung.

b) **Kanchay** betreit Internater um Héichplato vun den Anden wäit weg vun de grousse Stiedt. D'Internater goufen niewent der Zentralschoul gebaut. An dësen Internater wunnen d'Kanner aus den Dierfer ronderëm. Mee ronderëm ass relativ: dës Kanner missten all Dag zu Fouss tëschent 1 a 4 Stonnen moies dohinner- an owes zréckgoen, fir an d'Schoul ze kommen. Dank den Internater kënnen si lo no bei der Schoul wunnen a brauchen de laange Wee just de Weekend ze maachen. Si ginn ausserdem och nach bei hirer Schoulaarbecht ënnerstëtzt a si léieren Planzen op eng ökologesch Aart a Weis ze zillen. Beim Internat zillen se och Hénger, Mierschwéngercher, Kanéngercher, Schwäin fir hiren eegene Bedarf. D'Kanner an d'Jugendlech kréien also eng integral Ausbildung, déi si och herno an hierem Liewen an hieren Dierfer virubréngt.

- Dat éischt Internat, wat mir besiche waren, leit zu Vila-Villa, eng 200 km südlech vu Cochabamba matten an den Anden op 4 000 m Héicht. Hei fréiert et nuets 220 Dee am Joer. Mir hunn 2 Nuechten do geschlof a moies war iwwerall Raureif! D'Haiser hu keng Heizung an déi géif och näischt hëllefen, sou ondicht wéi d'Fënstere sënn. Wärend dir also hei zu Lëtzbuerg ënnert méi wéi 30 Grad "gelidden" huet, hu mir eis déi kal Nuechten an den bolivianischen Anden gutt agepaakt, fir eis net ze erkalen.





2018-04.indd 9 02.12.2018 09:46:38

Doduerch dat se Zären hunn kënnen se awer och an der kaler Joereszeit Geméis zillen. Si zillen och Beem fir um Land unzeplanzen a géint d'Erosioun ze kämpfen. An den Dierfer ronderëm, aus deenen d'Schüler kommen, hëlleft de Projet och de Baueren fir an der Reenzeit Waasser ze sammelen, fir wärend der Drëscheperiod eng zweet Rekolt ze kréien. Och an den Dierfer ginn a goufe Beem gezillt fir nei Bëscher uzeplanzen.





- Dat 2. Internat, wat d' "Bréck" ënnerstëtzt, leit nach 8 Stonne Faart méi no Süden, net weit vu Sucre. Ee ganzen Dag goung et iwwer besser Feldweeër duerch d'Anden: Schlaangelinne rop a Schlaangelinne rof. Hei gëtt net méi mat Kilometer gerechent, mee mat Stonnen. Heiansdo hu mer nëmmen 15 km an der Stonn gemaach, wa mer duerch een vun den drëschene Flossbetter gefuer sinn. Serpentine rop a Serpentine rof: mir haten an engem Dag 8 "Päss" iwwerquert. An du koume mer zu San Marcos un. Dat leit op 2 500 m; hei ass et klimatesch agréabel an no der Keelt







2018-04.indd 10 02.12.2018 09:46:42

vu Vila-Vila war et eng Woltat. Si hunn hei dat ganzt Joer iwwer genug Waasser, sou dat si am Internat an och d'Baueren aus der Géigend permanent eppes zille kënnen. An dësem Internat schaffen se och niewent der schoulescher Ennerstëtzung mat de Kanner un enger Ausbildung um Niveau vum ökologeschen Ackerbau.

Eis letzt Etapp huet eis iwwer Santa Cruz a Lima op Medellín gefouert. Do hu mer eng ganz Rei al Bekannter vum Monique aus senger Coopérantszäit vun 2011-2013 rëmgesinn.

Mir waren awer och an de Projet, deen 2018 richt ugefaangen huet. Et handelt sech och em een **Ackerbauprojet an der Gemeng San Rafael** nördlech vu Medellín. "La Iraca" heescht d'Duerf an deem de Projet "Crearte" säit dësem Joer ëmgesat gëtt. An enger hiwweleger Géigend op enger Héicht vu ëm 1 000 m wunne Leit, déi während dem Biergerkrich puermol hu missen hiert Lännereie verloossen, well et vun der "Guerilla" oder de "Paramilitares" besat war a si net méi sécher waren. Een Deel vun hiren Terrainen se momentan nach verminnt! Si kréie gehollef fir sich lo rëm nei op hiren Terrainen ze etabléieren. Dës Géigend ass subtropesch, waarm a fiicht. Sou dat si dat ganzt Joer zille kënnen. Si kréien och Technike bäibruecht, déi op ökologesche Methode baséieren a méi ëmweltschounend sinn.






Hei war d'Treffe mat de Leit alt mol rëm eng Kéier zimlech emotional. Och hei, wéi sou oft, si mir just zu Fouss un eist Zil komm. Naass geschweesst, awer iwerwältigt vun der Natur, koume mer bei de Leit vun Iraca un. Mir hunn eis fir d'éischt mat hinnen zesummegesat, fir eis géigesäiteg kennen ze léieren. Jiddereen huet sech kuerz virgestallt a wéi dat bis geschitt war, hunn d'Leit eis gesot, dat si immens frou sinn, dat mir den Effort ge-



2018-04.indd 11 02.12.2018 09:46:44

maach hunn, fir bis bei si ze kommen. Et giff ni irgendeen bei si kommen an et giff och net wierklech een sich fir si intresséieren: keng Autoritéiten oder soss irgendeen. A lo giffe mir vu sou wäit kommen an de Wee op eis huelen, extra fir si besichen ze kommen. Si hunn eis du gefrot, firwat mir dat maachen. Mir hunn hinne versicht ze erklären, dat mir einfach hëllefe wëllen, well mir dëse Wee sou an eisem Liewe gewise kruten a well mir vlaicht d'Chance haten, éierns op d'Welt ze kommen, wou mir et méi einfach haten. Dësen Austausch mat de Leit vun Iraca war immens schéin a si ware sou dankbar, dat mir si besiche koumen. Den Tour duerch hier hiwelech Parzellen war herno, och wann et alt mol rëm kierperlech ustrengend war, een Tour voller schéiner Momenter, déi mir mat de Leit deele konnten.

No puer Dee Vakanz zu Medellín se mer Enn August midd, awer zefridden an iwwerzeegt, dat eis Projeten gudd funktionnéiren an hier Ziler erreeche wäerten, heem komm.

*Mat desem QR-Code kënn Der mat Digicash Aeren Don un "Eng Bréck mat Lateinamerika maachen"*
*Dir kënnt awer och op e vun de Konten op der 1. Seit iwerweisen.*
*Merci*

*Diekirch*
*Port payé*
*P/S.246*

*Eng Bréck mat Lateinamerika*
*19,rue Jean l'Aveugle*
*L-9208 Diekirch*

2018-04.indd 12 02.12.2018 09:46:44